D'Spillschoulsklass vun der Joffer Carole (2008-2009) présentéiert:

# D'Geschicht vun der Schlaang Sugar



## Auteuren vun der Geschicht

### 1. Spillschoul:

Ben Schlammes

Jessica Ribeiro Silveira

Jorge Dos Santos Pinho

Nafkot Jouanneau

Noé Oberlé

Stina Theisen

Vivian Ranki

Yuris Fritsch

### 2. Spillschoul:

Anna Salacova

Anne Pauly

Cyrielle Ueberecken

Hugo Freitas Oiveira

Jessy Richard

Michel Krim

Michelle Stingl

Mike Lonien

Selma Schroeder

Tim Frisch

Mat Hëllef vun: Carole Stoos (eis Joffer)

Claire Bausch & Marco Poli (Stagiairen)

D’Sugar, ass eng gréng Schlaang mat Sträifen, si ass iwwerall gréng, ausser um Bauch, do ass si ganz ebesschen giel. An d’Sugar huet och e Bräll.

--- ---

Wéi sou oft sëtzt d’Schlaang Sugar an hierer Hütt an Afrika an ass amgaang e Buch ze liesen. Well se opeemol keng Loscht méi huet nach ze liesen, leet si d’Buch op d’Säit a geet spazéieren.



Ennerwee begéint si eng Giraff: „Hallo, wëlls du mat mir spazéiere goen?“. „Jo, wiesou net!“ seet d’Giraff.



Zesumme gi si weider a begéinen dunn en Zebra. D'Sugar seet: „Wéi schéi Sträifen hues du!" an d'Zebra äntwert: „Du hues jo och Sträifen!".
„Wëlls du net och mat eis spazéiere goen?" freet d'Sugar. An zesummen trëppele si weider.



Et dauert net laang a si begéinen e Léiw. Deen am Bësch ennert engem Bam läit.

De Léiw freet déi dräi Déieren op si net Loscht hu mat him a säin Haus ze goen. “Firwat dann? Fir Kaffi ze drénken?” freet d’Sugar.

“Ou jo, eng gudd Taass Kaffi beim Léiw!”, seet d’Zebra.



“Jo a Kuch hun ech an Zosiss, a Brout, a Jus, an Zopp, a Spaghetti an alles wat der wëllt.”, seet de Léiw.



Zesumme gi si bei dem Léiw seng Höhl, wou et ganz däischter ass, et gëtt keng Luucht. Well et sou däischter ass, maache si e Feier.



An dun hu si ganz, ganz, ganz vill giess.

Et ass emmer méi däischter gin, et ass Nuecht gin. Mee d'Déiere gin einfach net midd.



Op eemol, wéi et scho ganz, ganz, ganz spéid ass, falen hinnen d’Aan awer zou, a si fänken u mat dreemen.



Den Dag drop gi se waakreg a mierken ganz erschreckt, dat dat ganzt Iesse fort ass. De Léiw fänkt u mat kräischen. Déi aaner Déieren tréischten hien. Zesummen iwwerlee si wat da ka geschitt sin.



Do fällt dem Sugar op eemol an, dat d’Iessen jo uewen um héijen Bierg kinnt sin, do an deem geheimnisvollen Haus.
A si entscheeden, zesummen op de Bierg kucken ze goen.



Wéi si uewen um Bierg ukomm sin, gesi si de Leopard, deen a sengem Haus sëtzt an dat ganzt Iessen bei sech huet.



Si gin an d’Haus ran, an de Léiw freet: „Wiesou hues du mäi ganzt Iesse geklaut?“
De Leopard fängt u mat kräischen a seet: „Ech hat sou Honger, an ech hat keng Sue méi fir akafen ze goen…!“
„A wiesou hues du da net einfach gefrot fir Iessen ze kréien?“, freet de Léiw.
Dem Leopard deet alles sou leed, dat en ufänkt mat kräischen.



Zesummen droe si dat ganzt Iesse rem de Bierg rof an dem Léiw seng Höhl, wou si dann all zesummen iessen a feieren.



# Annexe

Well mir all sou gudd geschafft hun, si nach epuer Biller iwwreg bliwwen, déi mir leider net all konnten an déi färdeg Geschicht mat dra setzen. Well se awer all immens flott sin, wëllen mir déi lo hei nach kuerz weisen.

Vill Spaass beim kucken!



























**Léif Kanner,**

op desser Plaz ass eis Geschicht da leider entgülteg eriwwer. Eis huet et immens vill Spaass gemaach, des Geschicht zesumme mat iech ze erfannen an auszeschaffen. Dir hudd alleguer ganz gudd matgeschafft, hat flott Iddien an hudd schéi Biller gemoolt. Dofir en decke **MERCI** un iech all.

Villäicht huel dir dest Buch an epuer Joer rem an d'Hand an erennert Iech dodurch un aert éischt selwer gemaachte Buch… ☺

Mir wënschen iech opallfall alles Gudd's fir d'Zukunft an dat alles sou kënnt wéi dir iech et erhofft.

Aer zwee Stagiairen

*Claire Bausch & Marco Poli*

E grousse **MERCI** geet natierlech och un d'Joffer Carole, déi eis bei dessem Projet fräi Hand gelooss huet an eis och soss an eisem Stage gudd ennerstëtzt huet.



